Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal,
Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Polygraphic Communication SA, Differdange

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

dat heescht, déi d'Besteierungsrecht tëschent deenen zwee Länner op deene verschidden Akommesaarte vun engem Steierflichtege regelen.

Déi dräi Gesetzesännerungen, déi de Projet de loi virgesäit, spille scho fir dat lafend Steierjoer 2010. Et ass selbstverständlech keng Retroaktivitéit, well d'Besteierung vun 2010 jo eréischt d'nächst Joer gemaach gëtt.

Här President, de Statsrot louch a sengem Avis zu dësem Gesetzesprojet wuel richteg, andeem e bemierkt huet, dass d'Steiergesetzgebung, besonnesch déi vun den Non-résidants, duerch déi regelméisseg Gesetzännerungen net onbedéngt méi einfach gëtt.

Mä mir mussen awer dës Upassung maachen, fir der europäescher Rechtsspriechung gerecht ze ginn.

Well et an dësem Fall och nach eng Mise en demeure vun der Europäescher Kommissioun gouf, musse mir och nach séier handelen.

(Interruption)

Esou Situatiounen, Här Bettel, ginn et awer net nëmme regelméisseg bei eis am Land, mä och an anere Memberstate vun der Europäescher Unioun.

Wat de Fong ubelaangt, ass de Statsrot mat de Gesetzesännerungen d'accord. Datselwecht zielt iwwregens och fir d'Chambre des Salariés, d'Handwierkerkummer an d'Chambre de Commerce, déi alleguer dëse Gesetzesprojet favorabel aviséiert hunn.

Ech verweise fir de Rescht op mäi schréftleche Bericht, deen d'Finanzkommissioun de leschte Freideg iwwregens eestëmmeg ugeholl huet an der Chamber recommandéiert, fir dëse Projet de loi ze stëmmen.

Ech gi fir mäin Deel d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun a soen Iech an Harmonie Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Gilles Roth. Dat war wéi ëmmer ganz komplett, sou datt souguer de Finanzminister näischt méi derbäizefügen huet. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6130 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6130 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Raymond Weydert), Nancy Arendt (par M. Félix Eischen), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupert, Ali Kaes, Marc Lies (par M. Jean-Paul Schaaf), Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Jean-Louis Schiltz), Lucien Weiler (par Mme Martine Mergen), Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roger Negri), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen) et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

8. 6081 - Projet de loi portant modification de la loi du 9 mai 2006 relative aux abus de marché et portant complément de transposition de la directive 2003/6/CE du Parlement européen et du Conseil du 28 janvier 2003 sur les opérations d'initiés et les manipulations de marché (abus de marché) (suite)

Elo misste mer nach eng Kéier op déi Motioun zréckkomme vum Här Xavier Bettel, déi entre-temps un all Member hei aus dem Haus ausgedeelt ginn ass. Dozou freet d'Wuert den Här Jean-Louis Schiltz.

Motion 1

M. Jean-Louis Schiltz *(CSV)*.- Här President, ech géif proposéieren, datt mer deen drëtten an dee véierte Considérant sträichen. Ech kann Iech elo eng laang Explikatioun ginn, firwat ech dat mengen. Mä wann déi ewech wären, da kéinte mer se stëmmen!

M. Xavier Bettel *(DP)*.- An ech hu guer kee Problem. Wéi gesot, ech hunn et vergiess dranzeschreiwen, mä wann déi Resultater bis do sinn, selbstverständlech froe mer, fir dass d'Regierung se eis och communiquéiert.

M. Jean-Louis Schiltz *(CSV)*.- Cela va sans dire!

(Interruptions)

Motion 1 modifiée

La Chambre des Députés,

- considérant le projet de loi n°6081 portant modification de la loi du 9 mai 2006 relative aux abus de marché et portant complément de transposition de la directive 2003/6/CE du Parlement européen et du Conseil du 28 janvier 2003 sur les opérations d'initiés et les manipulations de marché (abus de marché);

- relevant l'article 5 dudit projet de loi prévoyant à l'article 33 paragraphes 3 et 4 de la loi du 9 mai 2006 relative aux abus de marché que «la Commission [Commission de surveillance du secteur financier] peut prononcer une amende d'ordre de 125 à 25.000 euros contre ceux qui font obstacle à l'exercice de ses pouvoirs de surveillance et d'enquête, qui ne donnent pas suite à ses injonctions ou qui lui auront sciemment donné des informations inexactes ou incomplètes» et que «si les indices peuvent justifier l'ouverture par la Commission d'une procédure administrative susceptible d'aboutir à l'imposition d'une amende au titre des paragraphes 1 ou 3, elle en informe le Procureur d'État [...]»;

invite le Gouvernement à

- analyser les compétences judiciaires attribuées à certains établissements publics ainsi qu'à certaines administrations à la lumière des préceptes de la séparation des pouvoirs.

(s.) Xavier Bettel, André Bauler, Anne Brasseur, Fernand Etgen, Mill Majerus, Lucien Thiel.

M. le Président.- Gutt, d'Harmonie geet virun.

(Hilarité)

Ech kann déi ëmgeännert Motioun zum Vote stellen.

Vote sur la motion 1 modifiée

Wien ass mat där Motioun d'accord? Dat schéngt mer d'Unanimitéit ze sinn. An domadder wär dann och déi Motioun ugeholl.

Da komme mer elo zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour, nämlech der Proposition de loi 5667 iwwert d'Cour des Comptes. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht an et huet sech bis elo kee Riedner ageschriwwen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Anne Brasseur. Madame Brasseur, Dir hutt d'Wuert.

9. 5667 - Proposition de loi modifiant la loi modifiée du 8 juin 1999 portant organisation de la Cour des comptes

Rapport de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire

Mme Anne Brasseur *(DP), rapportrice*.- Här President, ech hoffen dann an der Harmonie virunzefueren, andeem ech just wëll rappeléieren, dass et sech hei ëm eng Proposition de loi vum honorabelen Här Grethen handelt, deen déi als President vun der Budgetskontrollkommissioun sengerzäit déposéiert hat, fir e puer Modifikatiounen um Gesetz vun 1999 iwwert d'Cour des Comptes virzehuelen. Dat sinn dräi Ännerungen.

Dat Éischt ass d'Adaptatioun vun der Terminologie. Dat Zweet, dat sinn Adaptatioune wéinst der Procédure oder Prezisioune vun der Procédure. An dat Drëtt, dat sinn Adaptatioune wéinst dem Personal, besonnesch wat de Mandat vun de Membere vun der Cour ubelaangt a wat d'Qualifikatioun vun de Mataarbechter ubelaangt.

Dat sinn déi Haaptännerungen. D'Detailer dovu stinn am Rapport, deen ech am Numm vun der Kommissioun gemaach hunn, an d'Kommissioun huet deen à l'unanimité ugeholl.

Et huet leider e bësse laang gedauert, bis en hei op den Ordre du jour komm ass, well dëse Projet de loi an den Dédalë vun der Prozedur hänke bliwwen ass. A mir missten eng Kéier iwwert d'Proposition de loi nach eng Kéier e klärend Wuert schwätzen, dass dat mat anere Propositions de loi net méi esou virkënnt.

Här President, mä ech géif da mat de Membere vun der Kommissioun, deenen ech wëll Merci soen, wéi och dem Sekretariat vun der Kommissioun an de Mataarbechter vun der Cour des Comptes wëll ech och Merci soen, géif ech da wëllen der Chamber recommandéieren, déi heite Proposition de loi unzehuelen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci der Madame Brasseur. Vu datt soss keng aner Wuertmeldung do ass, kéime mer dann direkt zur Ofstëmmung iwwert d'Proposition de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

D'Proposition de loi 5667 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par Mme Christine Doerner), Nancy Arendt (par M. Raymond Weydert), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupert, Ali Kaes, Marc Lies (par M. Mill Majerus), Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Lucien Thiel), Lucien Weiler (par M. Félix Eischen), Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen) et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

10. Discours de M. le Président

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir sinn elo um Enn vun der leschter öffentlecher Sitzung vun dëser Sessioun ukomm. Ech wëll dofir vun der Geleeënheet profitéieren, fir e kuerze Réckbléck op déi vergaange Méint ze maachen a gläichzäiteg en Ausbléck op déi Méint, déi virun eis stinn.

Fir d'Éischt emol e puer Zuelen: Mir haten an der Sessioun 2009/2010 45 öffentlech Sitzungen. D'Chamberskommissioune sinn an dëser Sessioun bis elo net manner wéi 582-mol zesummekomm. Et goufen 58 nei Projets de loi déposéiert a 95 Projets de loi goufe gestëmmt. Ausserdeem goufe 97 Propositions de loi evakuéiert.

Dësen héije Chiffer huet allerdéngs virun allem domadder ze dinn, datt déi Gesetzespropositiounen, déi scho laang um Rôle vun der Chamber waren, nach emol ënnert d'Lupp geholl goufen an zum Deel zréckgezu gi sinn, well se iwwerholl waren. Et kéint een esou soen, wéi wann hei eng grouss Botz gemaach gi wär. Ech weess allerdéngs och, datt et am Moment nach eng Rei Interpretatiounsschwieregkeete gëtt, wat dës nei Prozedur betrëfft.

Am Moment sinn och nach eng Kéier d'Presidentekonferenz an d'Reglementskommissioun amgaangen, sech iwwert d'Prozedur vun de Gesetzespropositioune Gedanken ze maachen, wou et, wéi gesot, eng Rei vun Interpretatiounsschwieregkeete gëtt. An ech hoffen, datt mer spéitstens fir d'Rentrée dës Problemer aus dem Wee geraumt hunn.

Fir nach kuerz bei de Statistiken ze bleiwen, halen ech fest, datt d'Chamber 15 Aktualitéitsstonnen, 7 Heures de questions un d'Regierung a 14 Débats d'orientation hat.

Et goufe bis elo 592 parlamentaresch Froen un d'Regierung gestallt. Bei de parlamentaresche Froe kommen ech allerdéngs net derlaanscht, Kritik un d'Regierung ze riichten, wat hir Beäntwertung ugeet.